N°4243
Entrée le 20.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, an dem Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, op d'parlamentaresch Fro n° 4243 vum 17. Juni 2026 vun der honorabeler Deputéiert Alexandra Schoos iwwert nei Zolltarifer op Importer vu nidderegem Wäert ("nouveaux droits de douane sur les importations de faible valeur")**

**1) Huet de Lëtzebuerger Vertrieder am EU-Ministerrot dës Reegelung matgestëmmt? Falls jo, op Basis vu wéi engen Argumenter?**

Bei dëser Reegelung handelt et sech ëm de sougenannte "Règlement (UE) 2026/382 du Conseil du 11 février 2026 modifiant le règlement (CE) no 1186/2009 en ce qui concerne la suppression de la franchise douanière fondée sur un seuil". Dëst Reglement gouf den 12. Dezember 2025 eestëmmeg vun all de Memberstaten am ECOFIN Conseil ugeholl.

Dës Reegelung schaaft vum 1. Juli 2026 un, d'Franchise fir Päck mat engem Gesamtwäert vu bis zu 150 Euro, of. Dës Franchise huet zanter enger Rei Jore fir eng Wettbewerbsverzerrung tëscht europäeschen Händler, déi Wueren am Grousshandel importéieren a groussen Online-Plattforme aus Drëttlänner a gouf duerfir ofgeschaaft. Vum 1. Juli 2026 u gëtt deemno iwwerall an der EU fir den Import vu Päck aus engem Drëttstaat mat engem Gesamtwäert vu bis zu 150 Euro ee forfaitären Zolltarif vun 3 Euro pro Artikel erhuewen.

Well d'Zollbestëmmunge mat Drëttstaaten, awer och bannent der EU, bis 2028 fundamental reforméiert ginn, notamment mat der Grënnung vun enger europäescher Douanesautoritéit an engem zentraliséierten Datahub, huet eng Iwwergangsléisung fir d'Besteiere vun dëse Päck misste fonnt ginn.

Vum 1. Juli 2028 u sollen d'Wueren an esou Päck mat de selwechten Zolltarifer besteiert ginn ewéi Wuere mat engem Wäert vun iwwert 150 Euro.

**2) Gëllen dës Tariffer fir Wueren, déi vum 1. Juli u bestallt ginn oder nodréiglech fir sämtlech Wueren, déi vum 1. Juli u geliwwert ginn?**

Den neie forfaitäre Zolltarif gëllt fir all Deklaratioun déi vum 1. Juli 2026 0h00 un am elektronesche Verzollungssystem LUCCS (Luxembourg Customs Clearance System) vun der Lëtzebuerger Douane akzeptéiert gëtt.

Weder den Datum vun der Bestellung, nach dee vun der Liwwerung, spille fir d'Verzolle vun de Wueren eng Roll.

**3) Sinn d'POST an aner privat Déngschtleeschter op déi Ëmstellung virbereet, fir se pünktlech zum 1. Juli ze appliz éieren? Sinn si technesch a personell esou opgestallt, datt et net zu Verzögerunge bäi der Ausliwwerung kënnt? Falls net, bis wéini ass virgesinn, datt si sech konforméieren?**

Duerch déi gutt Kooperatioun mat der Lëtzebuerger Douane an enger Mobiliséierung vun interne Ressourcen ass et POST Luxembourg gelongen, déi néideg Adaptatioune vun den IT-Systemer fir den 1. Juli duerchzeféieren.

De gréissten Defi vun dëser Ëmstellung läit an der grousser Zuel vun Acteuren, déi bei der Ausliwwerung vun engem Colis impliz éiert sinn. Ganz oft ass d'POST de leschte Maillon an där Chaîne an huet nëmmen e limitéierten Afloss op de Flux vun den Donnéeën, déi en Haaptfacteur fir e reiwungslosen Oflaf vum Dedouanement sinn.

D'POST huet sech an dësem Kontext esouwuel mat de Post-Operateuren an den aneren europäesche

Länner ewéi och mat de groussen E-Commerce-Plattforme concertéiert. Vun engem techneschen a personelle Standpunkt aus ass d'POST deemno prett. Et kann allerdéngs net an all Eenzelfall garantéiert ginn, datt d'Commande vun engem Pak ausserhalb vun Europa vum Dedouanement bis hin zur Ausliwwerung ouni Verzögerung ofleeft.

Wat déi privat Déngschtleeschter betrëfft, läit et an hirer Responsabilitéit, sech de neie Reegelungen unzepassen.

**4) Geet d'Regierung dovun aus, datt d'Fraise fir dës Formalitéiten ze verwalten, duerch dës Moossnam wäerte steigen? Falls jo, a wéi engem Ëmfang? Falls net, firwat net?**

D'Regierung ka keng Aussoe maachen op privat Déngschtleeschter zousätzlech Fraise vun de Clientë fir dës Formalitéite wäerte froen.

**5) Ginn d'Bierger am Virfeld iwwert dës Neierung informéiert, fir deier Oppräisser an och eventuell Konflikter mat den Déngschtleeschter ze vermeiden?**

D'Douane huet den 10. Juni 2026 e Pressecommuniqué zu dëser Thematik eraus ginn an hir Internetsäit à jour gesat fir d'Ëffentlechkeet z' informéieren. De Communiqué gouf och vu grousse Lëtzebuerger Schrëftmedien opgegraff.

Dës weideren huet d'Douane iwwert d'sozial Medien op déi nei Reegelen higewisen.

**6) Geet d'Regierung net dovun aus, datt et opgrond vun där Neierung zu engem Abroch vun de Bestellungen am ënneschte Präissegment kéint kommen? Vu wéi vill zousätzlechen, respektiv wéi vill manner Recetten opgrond vun där Moossnam geet d'Regierung fir d'Méint Juli bis Dezember aus?**

Villes wäert vum Kafverhale vun de jeeweilege Konsumenten ofhänken, esou dass et aktuell ze fréi ass Aussoen iwwer d'Bestellungen ze maachen. Donieft gesäit d'Reglement och Evaluatiounsmechanismen vun den neie Reegele vir, e.a. fir ze préiwen ob et net zu Detournementer vun Handelsfluxe komm ass.

Et sief och bemierkt, dass d'Einnamen aus dem forfaitären Zolltarif als "ressources propres" an de Budget vun der EU fléissen, woubäi déi eenzel Memberstaaten d'Käschten, déi mam Erhiewe vun dëser Importtaxe verbonne sinn, rembourséiert kréien.

**7) Wéi verdréit déi Praxis sech mat der Promotioun vum internationale Fräihandel duerch d'Regierung an d'Europäesch Unioun? Riskéiert déi Moossnam net zu zousätzlechen internationalen Handelskonflikter a géigesäitegen Zollerhéijungen ze féieren?**

Et handelt sech hei ëm eng geschlossen Decisioun vun allen EU Memberstaaten. D'Erklärungen dofir erginn sech aus der Äntwert op déi éischt Fro an aus dem Preambel vum genannten EU-Reglement.

Lëtzebuerg, den 13 Juli 2026

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth